CSV STROOSSEN

# OP DE PUNKT.

Dezember 2022




## POLITESCH AARBECHT

Säit Februar 2021 huet d'Gemeng Stroossen en neie Schäfferot mam Nico Pundel (CSV) als Buergermeeschter, dem Betty Welter (LSAP) an dem Jean-Claude Roob (LSAP) als Schäffen.

Den neie Schäfferot féiert natierlech déi gutt Aarbecht vun senge Virgänger weider a setzt dobäi awer och seng eegen Akzenter.

Säitdeem ass villes passéiert an et ass nach villes an der Organisatioun fir déi kommend Méint.

An all Beräich si mir aktiv. Ob fir eis Kanner, Jugend, Singelen, Familen oder eis Senioren, ob Sport, Kultur oder Mobilité douce, iwerall hu mer Projete déi mer ëmsetzen.

Stroossen ass eng Uertschaft mat ronn 10.300 Leit. Mir wuessen relativ schnell, wat vill Erausfuerderungen mat sech bréngt. 2021 hu mir déi nei Schoul „Antoine de Saint Exupéry" fir de Cycle 2 ageweit a gläichzäiteg de Startschoss ginn fir eng weider nei Schoul fir eisen Cycle 1 Précoce/Spillschoul, eng Schoul déi eng Kapazitéit vun iwwer 450 Kanner wäert hunn.

An eiser Jugendaarbecht hu mir en neien Jugendbeoptraagten agestallt, mir iwwerschaffen d'Konzept vun eisem

## TRAVAIL POLITIQUE

ENGLISH VERSION



**FR** Depuis février 2021, la Commune de Strassen a un nouveau conseil échevinal avec Nico Pundel (CSV) comme bourgmestre, Betty Welter (LSAP) et Jean-Claude Roob (LSAP) comme échevins.

Le nouveau conseil a bien sûr continué le bon travail de ses prédécesseurs, tout en rajoutant ses propres idées.

Depuis, beaucoup de choses se sont passées et il en reste encore beaucoup à réaliser durant les mois à venir.

Nous sommes actifs dans tous les domaines. Que ce soit pour nos enfants, nos jeunes, les célibataires, les



Jugendhaus, organiséieren Streetworkaktivitéiten fir déi Jonk opzefänken, déi keng richteg Plaz doheem fannen. Mir sinn amgang eng nei Skatepist ze plangen an en neit Gebäi fir eis Jugend, wou si eng Plaz huet fir Musék ze maachen, hir Gebuertsdagsparty ze feieren oder wou si einfach eng Plaz huet fir ze chillen.

Eise Familleen, déi oft gestresst sinn duerch hir vill Aarbecht, versiche mir d'Liewen ze erliichteren duerch d'Organisatioun vu flotte kulturelle Manifestatiounen, eng gutt funktionéirend Maison Relais an duerch eng efficace Ënnerstëtzung vun eise Veräiner fir datt d'Kanner do kënne Sport oder Musék maachen.

Am Moment schaffe mir eise „Plan Communal Senior“ aus fir ze kucken wou mer nach Verbesserungen fir eis Senioren kënne, sollen a musse maachen. D'Planung vun engem Cipa (Fleegeheem) niewt eiser Residence Riedgen huet och ugefaangen, fir datt mir esou all de Bewunner vun der Residence, mee och anere Stroossener Bierger kënnen d'Méiglechkeet ginn zu Stroossen ze bleiwen wann si Fleeg brauchen.

Déi gréissten Erausfuerderung ass et awer, datt mir de Leit eng Méiglechkeet ginn hei zu Stroossen wunnen ze kënnen. Um private Wunnengsmarché klammen d'Immobiliepräisser weider a mir hunn als Gemeng keng richteg Handhab fir des Präissspiral ze briechen. Mee mir kënne versichen Wunnengen ze kafen an ënnert dem Bail emphytéotique weider ze verkafen an esou nëmmen de Präiss vun der Wunneng ouni den Terrain weider ze verrechnen. Mee mir kënnen awer och nei Iddiën entwéckelen, déi et nach net am Land ginn, wéi de Projet „Tiny House“. E klengt Haus fir jiddereen.

Vun eisen 10.300 Stroossener Bierger sinn 64 % net Lëtzebuerger. Domadder ass et kloer datt eent vun den Ziler vun der Gemengepolitik muss sinn eng gutt Integratiounspolitik ze maachen.

***FR*** familles ou nos seniors, que ce soit pour le sport, la culture ou la mobilité douce, nous avons des projets que nous mettons en place à tous niveaux.

Strassen est une localité d'environ 10.300 habitants. Notre croissance est relativement rapide, ce qui entraîne de nombreux défis. En 2021, nous avons inauguré la nouvelle école « Antoine de Saint Exupéry » pour le Cycle 2, et simultanément nous avons lancé le point de départ pour une nouvelle école supplémentaire pour notre Cycle 1 du précoce/préscolaire, une école qui aura une capacité d'accueil pour plus de 450 enfants.

Dans notre travail pour la jeunesse, nous avons embauché un nouveau délégué à la jeunesse, nous revoyons le concept de notre maison des jeunes, nous organisons des activités de Streetwork pour les jeunes qui se sentent mal à l'aise à la maison. Nous sommes en train de planifier une nouvelle piste de skate et un nouveau bâtiment pour notre jeunesse, qui sera un endroit pour faire de la musique, célébrer un anniversaire ou simplement un endroit pour se détendre.

Pour nos familles, souvent stressées par leur charge de travail, nous essayons d'embellir la vie en organisant des événements culturels intéressants, une Maison Relais qui fonctionne bien, et en apportant un soutien efficace à nos clubs pour que les enfants puissent y faire du sport ou de la musique.

En ce moment, nous élaborons notre „Plan Communal Senior“ pour voir où nous pouvons, devrions et devons apporter des améliorations pour nos seniors. L'aménagement d'un CIPA (maison de soins) à côté de notre résidence Riedgen a également commencé, afin que nous puissions donner à tous les résidents actuels, mais aussi aux autres citoyens de Strassen,

Mir hunn eis ganz fréi an der Hëllef fir d'Ukrain engagéiert an hunn eist Ukrainescht Haus opgemaach. En Haus dat elo säit 6 Méint seng Dieren ophuet fir all ukrainesch Bierger hei am Land.

Mir hunn awer och déi  aner Bierger, déi eis Hëllef brauchen, net vergiess. Egal wat fir enger Nationalitéit si ugehéieren, ob et Lëtzebuerger, Syrier, Eriträer.... sinn, mir si mat an duerch eisen Office Social, ënnert der Presidentschaft vum Josée Majerus, ëmmer am Kontakt mat de Leit déi Hëllef sichen. Stroossen eleng verfügt iwwert 50 Sozialwunnengen!

Ee vun de wichtegsten Punkten deen et an der Liewensqualitéit ze verbessere gëtt, ass d'Reduzéierung vum Kaméidi bzw vum Verkéier zu Stroossen. Et ass net einfach Gehéier bei de verschiddenen Ministèren a Verwaltungen ze fannen. Mee mer ginn eis net bis mir gehéiert ginn a fuerderen, datt op der Autobunn e Schallschutz kënnt, datt eis Bauschutt-Deponie ugeplanzt gëtt an de Verkéiersfloss op der Areler Strooss verbessert gëtt.

Et ass och flott ze gesinn,  datt vill Leit erëm op de Vëlo klammen sief et fir an d'Schoul, op d'Aarbecht oder einfach an der Fräizäit ze fueren. Dofir brauche mir gutt Infrastrukturen déi et gëlt unzepassen a Vëlosweeër mussen ausgewise ginn wéi de Bechel (rue des Romains).

Net ze vergiessen an net manner wichteg  sinn eis Projeten am Beräich vun eise Veräiner, wéi den neie Futtballterrain, en Outdoor-Schéissstand fir de Guillaume Tell, Planung vun enger neier Sportshal fir eise Sportsveräiner méi Trainingsméiglechkeeten ze ginn. Am Scoutshome sinn déi sanitär Ariichtungen erneiert ginn.

**Et bleift nach villes ze dinn. Politik mécht een net eleng. Kommt a schafft mat bei eis. Är Meenungen an Iddiën si wichteg fir eis. Zesumme kënne mir eng flott Uertschaft, eng Plaz fir jidderee gestalten. Meld Iech iwwert strassen@CSV.lu oder schwätzt eis direkt un a sot eis Är Meenung.**

***CSV STROOSSEN***

***FR*** la possibilité de rester à Strassen s'ils ont besoin de soins.

Le plus grand défi, cependant, est d'offrir aux gens la possibilité de pouvoir vivre ici à Strassen. Sur le marché du logement privé, les prix de l'immobilier continuent d'augmenter et nous, en tant que commune, n'avons pas de véritable levier pour briser la spirale des prix. Cependant, nous pouvons essayer d'acheter des appartements et de les revendre sous bail emphytéotique et ainsi ne facturer que le prix de l'appartement sans le terrain. Mais nous pouvons aussi développer de nouvelles idées qui n'existent pas encore dans le pays, comme le projet « Tiny House ». Une petite maison pour chacun.

Sur nos 10.300 citoyens de Strassen, 64% ne sont pas luxembourgeois. Il est donc clair qu'un des buts de la politique communale doit être de mener une politique d'intégration efficace.

Nous nous sommes impliqués très tôt dans l'aide à l'Ukraine et avons créé notre Maison Ukrainienne, qui a ouvert ses portes à tous les citoyens ukrainiens de ce pays depuis maintenant 6 mois.

Cependant, nous n'avons pas oublié nos autres citoyens qui ont besoin de notre aide. Peu importe leur nationalité, qu'ils soient luxembourgeois, syriens, érythréens..., nous sommes à travers notre Office Social, sous la présidence de Madame Josée Majerus, toujours en contact avec les personnes qui cherchent de l'aide. Strassen compte à elle seule plus de 50 logements sociaux !

L'un des points les plus importants pour améliorer la qualité de vie, est la réduction du bruit ainsi que le trafic à Strassen. Il n'est pas facile de trouver de l'écoute auprès des différents ministères et administrations. Mais nous n'abandonnerons pas tant que nous n'aurons pas été entendus et nous exigeons l'ajout d'un mur antibruit sur l'autoroute, de plantations sur







NICO
PUNDEL


**FR** notre dépotoir de débris de construction et l'amélioration de la fluidité de la circulation sur la route d'Arlon.

C'est aussi agréable de voir que de nombreuses personnes se remettent sur le vélo, que ce soit pour aller à l'école, au travail ou simplement pour rouler pendant leur temps libre. C'est pourquoi nous avons besoin de bonnes infrastructures adaptées et des pistes cyclables désignées comme le Bechel (rue des Romains).

A ne pas oublier, et non moins importants, sont nos projets dans le domaine de nos clubs, comme le nouveau terrain de football, un stand de tir extérieur pour le club de tir à l'arc Guillaume Tell et l'aménagement d'une nouvelle salle omnisports pour donner davantage de possibilités d'entraînement à nos clubs sportifs. Dans le home des scouts, les sanitaires ont été rénovés.

**Il reste encore beaucoup à faire. On ne fait pas de la politique seul. Venez et travailler avec nous ! Vos opinions et vos idées sont importantes pour nous ! Ensemble, nous pouvons créer une commune agréable à vivre, un endroit pour tout le monde. Contactez-nous via strassen@CSV.lu ou parlez-nous directement et donnez-nous votre avis !**

**CSV STRASSEN**




## MERCI FRANCIS !

De 27. Abrëll 2022 ass de Francis Gleis an säi leschte Conseil Communal gaangen an huet no méi ewéi 28 Joer do Äddi gesot. Et war net einfach fir de Francis, mee hien huet dem Anne Arend ép. Lahaut seng Plaz iwwerlooss, fir datt hatt sech nach virun de Gemengewalen 2023 kënnt aschaffen.

***Respekt dofir, Francis !***

De Francis Gleis ass den 19. Januar 1994 vereedegt ginn. Säitdeem huet hie sech mat voller Energie fir Stroossen a seng Bierger agesat.

Vun 2007 bis 2011 a vun 2017 bis 2020 war hie Schäffen an der Gemeng .

De Francis huet eng enorm grouss sozial Oder. Duerch hien huet Stroossen en eegenen Office Social kritt an hien huet gekuckt datt d'Allocation de vie chère gerecht verdeelt ginn ass.

Ech hunn duerch de Francis erkannt, datt d'Sozialpolitik mat dee wichtegste Punkt an der Politik ass. Datt et alle Bierger vu Stroossen gutt geet, dat war ganz wichteg fir de Francis.

Och fir den Drëtten Alter huet hien sech staark agesat. Hien huet de Mëttesdësch opgebaut a gekuckt datt de Club Senior déi néideg Räimlechkeete krut… an nach villes méi.

## MERCI FRANCIS !

***FR*** Le 27 avril 2022, Francis Gleis s'est rendu à son dernier conseil communal et a fait ses adieux après plus de 28 ans. Cela n'a pas été facile pour Francis, mais il a laissé sa place à Anne Arend ép. Lahaut, pour qu'elle puisse se préparer au mieux aux élections municipales de 2023.

***Respect pour ça, Francis!***

Francis Gleis a prêté serment le 19 janvier 1994. Depuis, il s'est investi de tout son énergie pour Strassen et ses citoyens.

De 2007 à 2011 et de 2017 à 2020, il a été échevin de la commune.

Francis a un fort engagement social. Grâce à lui, Strassen a obtenu son propre office social et il a veillé à ce que l'allocation de vie chère soit distribuée équitablement.

J'ai réalisé à travers Francis, que la politique sociale est le point le plus important en politique. Il était



Am Häerz war de Francis och Gewerkschaftler beim LCGB. Dofir huet hie gesuergt, datt et eiser Arbechterekipp ëmmer gutt gangen ass. Hien huet sech agesat , datt d'Carrière vun eiser Botzekipp opgewert ginn ass.

De Francis huet an deenen 28 Joer ni !! an engem Gemengerot gefeelt an hien huet dausende vu Stonnen op der Gemeng verbruecht am Asaz fir d'Bierger vu Stroossen. Seng Fra d'Sanny stoung ëmmer op senger Säit an huet säin Agenda geféiert. Merci Sanny, och däin Asaz war net kleng an deenen 28 Joer.

Merci Francis fir alles wats du gemaach hues!

Am Numm vun all de Memberen vun der CSV Stroossen

***NICO PUNDEL***
Buergermeeschter

essentiel pour Francis que tous les citoyens de Strassen se portent bien.

Il s'est également fortement impliqué pour le troisième âge. Il a développé le « Mëttesdësch » et a obtenu les salles nécessaires au Club Senior... et bien plus encore.

Dans l'âme, Francis était également syndicaliste au LCGB. C'est pourquoi il a veillé à ce que notre équipe d'ouvriers ne manque de rien. Il s'est également engagé à améliorer la carrière de notre équipe de nettoyeurs.

Durant ces 28 ans, Francis n'a jamais manqué un conseil communal et il passait des milliers d'heures dans la commune au service des citoyens de Strassen. Sa femme Sanny s'est toujours tenue à ses côtés et a géré son agenda. Merci Sanny, ta contribution n'a pas non plus été mince au cours de ces 28 années.

Merci Francis pour tout ce que tu as fait !

Au nom de tous les membres du CSV Strassen,

***NICO PUNDEL***
Bourgmestre

## ZESUMME FIR EIS GEMENG

☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm ______________________ Virnumm ______________________

Beruff ______________________________________________

Gebuertsdatum ______________ Nationalitéit ______________________

Adress ______________________________________________

PLZ ______________ Uertschaft ______________________________

E-mail ______________________ Tel ______________________

Den ______ / ______ / 2023

Äntwert un / Répondre : CSV-Generalsekretariat – B.P. 826 — L-2018 Luxembourg




## WIEN ASS DÉI NEI CONSEILLÈRE AM GEMENGEROT FIR D'CSV?

### ANNE AREND ÉP. LAHAUT

D'Anne ass e Stroossener Meedchen, dat seng Kandheet hei verbruecht huet an hei an d'Primärschoul gaangen ass. Nom Lycée ass si an England geplënnert fir Mathematik um Imperial College London ze studéieren. No enger éischter Beruffserfarung vu véier Joer am Investment Banking zu London ass d'Anne zréck op Lëtzebuerg komm, wou si  eelef Joer an enger Privatbank geschafft huet, fir d'éischt als Händler a strukturéierte Produkter an duerno als Kreditanalyst. Si huet während dëser Zait och Coursen um Institut de Formation Bancaire Luxembourgeois (IFBL) ginn. Zënter 2017 ass si Bankereviseur bei der Commission de Surveillance du Secteur Bancaire (CSSF). D'Anne ass bestuet a Mamm vun enger 11 Joer aler Duechter, déi och elo an d'Stroossener Grondschoul an an d'Maison Relais geet.

### WÄERTER AN ENGAGEMENT

D'Anne an hir Famill si ganz aktiv am Gemengeliewen vu Stroossen mat verschiddene Comitésposten a lokale Veräiner. Déi belsch Hierkonft vum Anne hirem Mann erklärt hirt Engagement fir d'Integratioun vun all de Stroossener Bierger am Duerfliewen. Dofir insistéiert si besonnesch op eng méisproocheg a multimedial Kommunikatioun souwuel um Niveau vun der Gemeng,

## QUI EST LA NOUVELLE CONSEILLÈRE COMMUNALE POUR LE CSV ?

### ANNE AREND ÉP. LAHAUT

Anne est originaire de Strassen où elle a passé toute son enfance et a fréquenté l'école fondamentale. Après ses études secondaires, elle est partie en Angleterre pour étudier les mathématiques à Imperial College London.  Suite à une première expérience professionnelle de quatre ans en banque d'investissement à Londres, Anne est revenue au Luxembourg, où elle a travaillé pendant onze ans dans une banque privée, d'abord comme trader de produits structurés et ensuite comme analyste crédits. Pendant cette période, elle a également dispensé des cours à l'Institut de Formation Bancaire Luxembourgeois (IFBL). Depuis 2017, elle est réviseur de banque à la Commission de Surveillance du Secteur Bancaire (CSSF). Anne est mariée et maman d'une fille de 11 ans, qui fréquente à son tour l'école fondamentale et la maison relais de Strassen.

### VALEURS ET ENGAGEMENT

Anne et sa famille sont très actives dans la vie associative de Strassen avec plusieurs postes de comité dans les associations locales. Les origines belges du mari de Anne expliquent son engagement pour l'intégration de tous les citoyens de Strassen dans la vie du village. A cet effet elle insiste notamment sur une communication multilingue et multimédia aussi bien au niveau de la commune qu'au niveau des associations dans lesquelles sa famille s'investit.

### PRIORITÉS POLITIQUES

Anne œuvre pour:

- la promotion des associations locales, qui sont un excellent moyen d'intégration dans un village aussi multiculturel que Strassen,
- une Maison relais attractive et un renforcement de la relation entre cette dernière et l'école fondamentale,
- que Strassen soit une commune socialement ouverte et inclusive, où il fait bon vivre pour toutes les générations et nationalités et
- une communication claire ainsi qu'un dialogue transparent avec tous les habitants de Strassen, qui doivent pouvoir s'exprimer au sujet des grands projets de la commune.




wéi och um Niveau vun de Veräiner  an deenen si an hir Famill engagéiert sinn.

**POLITESCH PRIORITÉITEN**

D'Anne setzt sech an fir:

- d'Färderung vu lokale Veräiner, déi en exzellent Integratiounsmëttel sinn an enger multikultureller  Gemeng wéi Stroossen,
- eng attraktiv Maison Relais an d'Stäerkung vun der Relatioun tëscht der Maison Relais an der Grondschoul,
- datt Stroossen eng sozial oppen an inklusiv Gemeng ass, wou d'Liewen fir all Generatiounen an Nationalitéiten agreabel ass an
- eng kloer Kommunikatioun an en transparenten Dialog mat alle Bierger vu Stroossen, déi sech zu de grousse Projete vun der Gemeng ausdrécke solle kënnen.

